OPPE, SOZIAL
A RESPONSABEL

Lëtzebuerg, den 12. November 2020

Quo vadis Claude Meisch?

Mat Erschrecke stellt d'CSJ fest, datt den Educatiounsminister Claude Meisch wëlles ass, den Zougang zu Direktiounsposten a verschiddene Schoule fir net-Fonctionnairen opzemaachen. Dëst an engem Projet de loi die festhält, datt dës Méiglechkeet och op aner Gebaier ausgedeent ka ginn.

D'Argument, et géing u gëeegente Kandidat*inne feelen, konnt de Minister bis elo net mat Zuele beleeën, mee d'Gesetz steet schonn nächst Woch um Orde du jour vun der Chamber.

Soumat kéinte Leit ouni pädagogeschen Hannergrond an ouni dräisproocheg Kompetenzen esou Plaze besetze kënnen.

D'CSJ stellt fest,

- Datt den Enseignement méisproocheg ass, an dëst am Alldag vun der Schoul onëmgänglech ass fir mat Schüler*innen, Elteren, Ministèren ze kommunizéieren.
- Pädagogescht Wëssen eng néideg Viraussetzung ass, zukünfteg Leit am Stage objektiv bewäerten ze kënnen.
- Den Opbau vum Schoulwiesen ze kennen onerlässlech ass, fir bei eventuelle Reklamatioune kënnen ugemooss ze reagéieren.
- Et de Staat méi deier gëtt, eng Persoun aus dem Privatberäich nei op engem Direktiounsposten anzestellen, wéi engem Fonctionnaire sengem Karriär opzewäerten.

D'CSJ schléisst sech der Kritik vun SEW an CHFEP un, datt d'Schoulen net op Käschte vun de Schüler*innen däerfe weider privatiséiert ginn.

Hei stellt sech d'Fro, ob mat dësem Prozess net nach virun deenen nächste Wale sollen e puer Leit op wichtege Poste plazéiert ginn, déi dem Minister a senger Partei no stinn.

den CSJ Nationalcomité